
## Cycle 1

# „Dat gutt Ee“ (Klass Bina Kinkels)




Mir kreéieren eppes Neies aus enger „ovaler Eeër-Form“







Mir fierwen Eeër












E riisegt Ee um Teppech







## <u>De Flunkerfësch</u> <u>(Klass Tanya Mersch)</u>




Mir sinn mam "FLUNKERFISCH" an d'Ënnerwaasserswelt getaucht.

Hei geet et em een ganz kléngen Fësch deen eng rieseg Fantasie huet an séngen Kollegen vun der Ënnerwaasserwelt all Daag eng aner fantastesch Geschicht opdescht virwaat heen ze spéit an d'Schoul kennt. An dunn enges Daags…

## Eist nächst Klassenthema festgeluecht: "D'Ënnerwaasserwelt"

Mir hunn eis Klass an eng Ënnerwaasserwelt verwandelt…
Als éischt hunn mir een een Tëntefesch gebraucht, deen eis vun deenen Béisen an der Ennerwaasserwelt beschützt.



...eng déck Pabeierbull zesummengeknuggelt...



..dunn faarweg gemolt...



...als lescht huet heen séng 8 Been kritt...



..ET VOILÂ !!

An der Ennerwaasserwelt dearf deen heiten natirlech net feelen...an mir hunn an engems nach een déi Béis net an eis Klass eran léist...
Fir an d'Klass muss een durch de Waasserfall schwammen...





Dann hu mir d'Deko gebastelt fir d'Klass ..

.. mat villen Flunkerfësch, Algen, Jelliskäpp
an Séipeardercher...

















Déi haapt Aktivitéit: All Kand huet sain eegenen Aquarium gebastelt.





D'Holzkëschten kreien hir Faarf...

Mat Paap as den Sand ugeréiert ginn fir op de Buedem. Esou as en superhaart ginn an mir konnten de Glitzer an d' Sténg dropstreen...








An da get d'Deko fir dra gebastelt: Fësch, Tentefësch, Séistär, Algen, Schatzkescht, Muschelen, Kriebs,


















... d'Meedercher sinn Mierjofferen ginn



...an d'Jongen een Neptun...





voilà...d'Resultat mat den Liitercher...des fantastesch Geschicht as awer reell ;-)

## Vum Maulef dee wësse wollt wien him op de Kapp gemaach huet (Klass: Carole a Lis mat de Stagiairen Kelly an Dylan)

D'Kanner kruten d'Geschicht vum Maulef unhand vum Kamishibai virgelies. No der Geschicht hu mir zesummen iwwert de Maulef geschwat an eis en ausgestoppte Maulef ugekuckt.






**Lauschterspill:**



D'Kanner sëtzen all am Kreess, ee Kand ass de Maulef a läit mat enger Aklapp op den Aen an der Mëtt am Krees. De Maulef huet eng Schell um Bauch leien. Ee Kand gëtt bestëmmt an dat muss probéieren dem Maulef d'Schell vum Bauch ze huelen ouni dass et schellt. De Maulef probéiert gutt ze lauschteren aus wéi enger Richtung e Geräisch kënnt a weist dohinner.

**Nei Geschicht erfannen:**

Bei enger anerer Aktivitéit hunn d'Kanner d'Geschicht vum Maulef weider gesponnen, si konnten sech een anert Déier ausdenken, dat dem Maulef begéint ass, e Bild dovu molen an d'Geschicht an hire Wierder erzielen. Hei e puer Beispiller:

**Vum klenge Maulef, de wëssen wollt, wien him op de Kapp gemaach huet.**

Wéi en Déier kéint de klenge Maulef nach froen? Mol e Bild.



De Maulef war bei de Léiw gangen an huet de Léif gefrot: „Hues du mir op der Kapp gemat?“, an en huet geäntwert „Ne ech machen esou eppes net!“ Schwupps di wupps war en décken Flapp rofgefall an dunn ass de Maulef weider gangen.

**Vum klenge Maulef, de wëssen wollt, wien him op de Kapp gemaach huet.**


Wéi en Déier kéint de klenge Maulef nach froen? Mol e Bild.



D'Kaz wëll Äpel pläcken. D'Sonn schéngt dobaussen. De Maulef freet: „Hues du mir op de Kapp gemaach?“ „Nee sou eppes maachen ech net! Ech pläcken Äpel.“ Dann geet de Maulef weider.

**Vum klenge Maulef, de wëssen wollt, wien him op de Kapp gemaach huet.**

Wéi en Déier kéint de klenge Maulef nach froen? Mol e Bild.



„Hues du mir bei de Kapp gemaach?“ soot de Maulef. Huet de Panda gesoot „Nee“. „Däerfen mir spillen goen?“ „Spillen mir Lego?“ An dun waren sie fäerdeg.

**Vum klenge Maulef, de wëssen wollt, wien him op de Kapp gemaach huet.**

Wéi en Déier kéint de klenge Maulef nach froen? Mol e Bild.



De Wuerm ass bei de Maulef gaang an ~~dann~~ haten sie eng Taas Kaffi gedronk. An dun waren sie gespillt. Seng Mamm war komm an dun haat hien him nach Äddi gesoot. D'Geschicht ass aus an dohannen leeft eng Maus!

**Bastelaktivitéit:**

Bei der Bastelaktivitéit hunn d'Kanner brong Faarf mat Sand gemëscht an dunn d'Blat domat faarweg gemoolt. Duerno hu si an déi naass Faarf mam Fanger Tunnelle gemoolt.






An enger zweeter Etapp, hu si d'Wiss mat Wuessfaarf an Ecoline gemolt an duerno de Maulef an d'Reewierm gebastelt.



**Memory-Spill:**



Ënnert de Kaka’en ass d’Zuel emmer als Symbol ofgebildt an eemol mat Punkten. D’Kanner mussen déi zwee richteg Kaka’en fannen.




**Turnen:**

D’Kanner hunn eng Staffel gemaach, hei ass et drëms gaangen de Parcours séier ze maachen a kléng „Kaka’en“ ze sammelen ☺
An engem anere Spill, sinn d’Kanner zwee an zwee zesummen iwwert ee Parcours getrëppelt. Heibäi war ee Kand de Maulef an hat eng Aaklapp un, dat anert Kand huet de Maulef missen duerch de Parcours guidéieren.







**Mir ginn op d’Sich nom Maulef sengem Iessen:**

Fir de Kanner de Kanner dat ganz nach e bësse méi ze veranschaulechen, si mir dobaussen am Haff op d’Sich no Reewierm gaangen. D’Kanner hu Reewierm fonnt, mir hunn eise se ënnert dem Mikroskop ugekuckt an se an den Terrarium gesat.









## Cycle 2

# Opa Olchis krötigste Abenteuer (Klass Nathalie mat de Stagiairen Maïté a Marilyne)






Als éischt gouf d'Geschicht firgelies.

Mir hunn zesummen iwwert Geschicht geschwat an d'Geschicht nach eemol noerzielt.

Duerno hunn d'Kanner Biller zu der Geschicht gemolt. All Abenteuer vum Olchi Bopa ass gemolt ginn.








„Net reell?!
Fantastesch Geschichten“


Schoul Duelem C1 an C2



Di Biller gi mat Hëllef vun enger App animéiert an et entsteet e klenge Film.

Lo musse mer awer nach flaisseg Text léieren fir dass mer eis Geschicht awer och nach kënne vertounen.





## Mein Hund Banane (Klass Annemarie a Marielle)

Fir d'éischt hu mir ons eng Banann ugekuckt an se ofgemoolt.








Duerno hu mer ons iwwerluecht, wat een alles mat enger Banann ka maachen.

Mir hunn ons zesummen e Billerbuch ugekuckt wou ee Jong seng Banann als Hond präsentéiert.

Mir hunn ons gemoolte Banann erausgeschnidden an ons iwwerluecht, wat ons Banann kinnt sinn.













Fir de Bicherdag hu mir och nach an der Klass iwwert Bicher geschwat, déi d’Kanner mat an eng Welt huelen, di anescht ass wéi déi an der si liewen. D’Schüler hu selwer vill Virschléi gemaach a vu „fantastësche Welten“ erzielt an deenen si Zäit wéilte verbréngen.

Vill genannt goufen:

-Harry Potter

-Pippi Langstrumpf

-Märecher (Prinzessinnen, Zauberer, Hexen, Feeën,...)

-Star Wars a Geschichte vun anere Planéiten

-Avatar

-Welte wou et Séissegkeeten am Iwwerfloss gëtt (Schlaraffenland, Schokelaland,...)

-Pokemon

-Legowelten

-Planzewelte wou d'Blumme sech beweegen a schwätze kënnen

-Welte wou d'Déieren an d'Insekte schwätze kënnen

-Asterix an Obelix (Welte wou e Superkräften huet)

-Welt vun de Superhelden (Spiderman, Batman,...)

D'Kanner soten, dass si verschidde Welte witzeg fannen, anerer spannend, e puer giffen si fäerten an vill wieren einfach schéin.

Meeschtens, wann si Bicher oder Filmer iwwert aner Welte gierfe kucken, gierfen si sech dohi wënschen. Si wéilten sech dann och esou veränneren, wéi dat do üblech wier.

D'Schüler sollten doroppshinn en Hannergrondbild vun hirer Lieblingswelt zeechnen.

Duerno eng Foto vu sech ausschneiden.

Sech esou ëmwandelen, dass si an hier Welt passen an dann op den Hannergrond peschen.

„Net reell?!
Fantastesch Geschichten“

Schoul Duelem C1 an C2

